GEMENG MÄERZEG

Mäerzeg, de 16. Juni 2025

# Ëffentlechen Avis

## Sanéierungsaarbechten vun der Méchelbucher Strooss

Dir Dammen, dir Hären,

D’Gemeng Mäerzeg informéiert dass d’Entreprise Alpha-Bau, am Optrag vu Ponts & Chaussées, Virbereedungsaarbechten an d’Opbréngen vun der Déckschicht an der Méchelbucher Strooss wäert ausféieren – vun der Kräizung mat der Strooss Zechel bis bei d’Ausfaart vum Duerf a Richtung Méchelbuch. D’Aarbechte gi vum Dënschdeg, de 24. Juni bis e Samschdeg, de 5. Juli 2025 duerchgefouert.




D’Administration vu Ponts & Chaussées organiséiert eng groussraimeg Deviatioun.

De Planning vun den Aarbechten ass ewéi follgend virgesinn :

- **24. – 27. Juni 2025 :**
  - Upassung vun de Schachtdeckelen um Bord vun der Strooss.
  - D’Strooss gëtt a klenge Sektioune gespaart.
  - D’Niewestroosse bleiwen zougänglech.
  - D‘Bewunner op där betraffener Sektioun hunn e limitéierten Zougang op hir Terrainen.




- **30. Juni bis 2. Juli 2025 :**
  - Upassung vun de Schachtdeckelen an der Mëtt vun der Strooss.
  - D’Strooss gëtt punktuell ganz gespaart fir all Verkéier.
  - D’Entreprise probéiert den Zougang fir d'Residenten ze erméigleche wann d’Aarbechten et erlaben.

- **3. Juli 2025 :**
  - Botze vun der Strooss an Opbrénge vun der Haftschicht.
  - D'Strooss ass ab 09:00 Auer gespaart.
  - All Verkéier ass verbueden, nodeems d’Haftschicht opbruecht ginn ass.

- **4. – 5. Juli 2025 :**
  - Freides, de 4. Juli: D’Deckschicht gëtt opbruecht.
  - D‘Strooss bleift komplett gespaart.
  - Bei gudder Wiederlag gëtt d'Strooss nees am Laf vum Samschdeg Moien opgemaach.

**D’Duerchféierung vun den Aarbechten hänkt vum Wieder of. Kuerzfristeg Ännerunge ginn op der Internetsäit vun der Gemeng Mäerzeg (www.mertzig.lu) an op de sozialen Netzwierker a Plattforme matgedeelt.**

**Wärend der ganzer Dauer vum Schantje kënnen déi betraffe Bewunner op der aler Plaz vu „Voyages Wagener“ parken (4A, Kiirchepad).**

Fir all weider Froe kënnt Dir Iech un den techneschen Dëngscht vun der Gemeng Mäerzeg wenden (Email : service.technique@mertzig.lu/Tel. : 838244-341).

Mir soen Iech Merci fir Äert Versteesdemech a Kooperatioun an dëser wichteger Phase vun de Bauaarbechten.

D’Gemeng Mäerzeg